# Wann alles méi deier gëtt

**Ee Bäitrag zur Diskussioun iwwer d'Kafkraaft a de sozialen Ausgläich**

Zënter Méint erliewe mir, datt d'Inflatioun substanziell klëmmt. Si mécht dat net zulescht ënner dem Androck vun drastesch steigenden Energiepräisser. Doriwwer eraus huet och eng héich Demande no der Pandemie, déi op Liwwerengpäss an de globale Versuergungskette stéisst, en Afloss op d'Deierecht.

Zu Lëtzebuerg gläiche mir inflatiounsbedéngte Kafkraaftverloscht duerch de Mechanismus vum Index aus. **Dësen ass awer wäit dervun ewech, jidderengem seng Kafkraaft gläichermoossen ze kompenséieren.** Am Géigendeel : um ënneschte Lounniveau bréngt e netto manner bei d'Leit zréck, wéi si duerch d'Inflatioun verluer hunn. Um aneren Enn vun der Lounskala bréngt e méi Akommes, an engem Mooss, wat ganz wäit iwwer d'Kompensatioun vum Kafkraaftverloscht eraus geet.

D'Index-Diskussioun kann ee wäit faassen. Si beschränkt sech net op de Mechanismus u sech, mee beinhalt och d'Fro, ob an Zäite vu längerer héijer Inflatioun all Tranche ausbezuelt soll ginn, a wéini. Déi Froe kënnen zu engem gudden Deel duerch eng Index-Reform beäntwert ginn. Wichteg ass eis virun allem de soziale Charakter vum Mechanismus selwer. Wéi vill Lëtzebuerger Errongenschafte gëtt den Index an der ëffentlecher Debatt dacks quasi sakraliséiert. Fokus wëllt beschreiwen, datt dat fir en eigentlech sozial wéineg effikasst Instrument ze vill der Eier ass – an datt den Index-Mechanismus u sengem eigentlechen Zil erlaanscht funktionéiert.

Mir wëllen dat änneren.

Dësen Diskussiounsbäitrag vu Fokus soll bewierken, datt sech mat der **Noutwennegkeet vu wierklecher Kafkraaftkompensatioun** ausernee gesat gëtt, a virun allem mat der Notioun vu sozialem Ausgläich. Wann deen ee netto manner kritt, wéi e verluer huet, an deen aneren zéngmol méi, obwuel e just ee klengen Deel dovunner u Kafkraaft agebéisst hat, dann ass dat en onhaltbaren Zoustand.

Et kann anescht gemaach ginn. Fokus beschreift eng méiglech Reformpist, fir den Index zu engem **méi effikassen a sozial wierksamen Instrument** ze maachen.

# Fokus op de sozialen Index

## De sozial ongerechten Index vun haut

Fokus fënnt, datt **den Index vun haut sozial ongerecht** ass.

Esou kritt eng Persoun déi den onqualifizéierte soziale Mindestloun (SSM) vu 2.256 € Brutto pro Mount verdéngt, eng Hausse vu 56 € Brutto am Mount, **deen awer 6 mol méi verdéngt, also 13.536 € Brutto, kritt och 6 mol méi bei der Pai bäi, nämlech 339 €.** Domat geet d'Schéier an de Paie weider ausernaner!

Eng weider Problematik betrëfft déi sougenannten **"kal Progressioun"**, déi doduerch entsteet, datt d'Steiertabellen net mat den Indextranchen ugepasst ginn. Konsequenz ass, datt de Staat bei jidder neier Indextranche méi Steieren anzitt, wat eng onjustifiéiert Steiererhéijung ass.

**Dobäi kënnt, datt wann den Wäert vum Wuerekuerf ëm 2.5% netto an d'Luucht geet, d'Indextranche, déi dës Hausse kompenséiere soll dat net mécht.** Als Beispill huele mir e Jonggesell deen 3.000 € brutto am Mount verdéngt, wat him 2.431 € netto mécht. No enger Indextranche vun 2.5% huet dee Salarié dann 3.075 € brutto an 2.479 € netto. Vun den 2.5% brutto kommen also just 1,97% netto bei him un, seng Kafkraaft geet erof, trotz Index.

## E wierklech sozialen Index

Eise Modell bezitt sech op dat gesamten Akommes (aus der Aarbecht) vum Stot, esou wéi och d'Sozialkäschten an d'Steieren et maachen. Eis Zuele baséieren op der Steier-Etude vum Sozial- a Wirtschaftsrot vun ufanks 2022.

Fokus wëll, datt e Stot mat engem Akommes, dat dem onqualifizéierte Mindestloun entsprécht, **net nëmmen 2,5% brutto pro Indextranche bäikritt, mee eppes iwwer 3%**. Duerno geet dëse Wäert progressiv, a Funktioun vum Akommes, erof.

**Mat eiser Propos kréien ongeféier 93 % vun de Stéit méi** aus enger Indextranche eraus, wéi dat haut de Fall ass.

Fir nach emol op eist Beispill vum Jonggesell zeréck ze kommen, deen 3000 € brutto am Mount verdéngt : dëse kritt mat eisem sozialen Index net déi 1,97% netto bei, mee 2.5%, **verléiert also esou näischt vu senger Kafkraaft.** E Stot aus der Klass 2 mat engem Akommes vun 3.000 € Brutto am Mount, kritt haut mat enger Indextranche 2.2% Netto méi an der Pai. Mat eisem Virschlag kritt dëse Stot dann 2.8% netto, e Véierel méi.

**Parallel dozou fuerdere mir eng reegelméisseg Upassung vun der Steiertabell,** fir déi uewe beschriwwen "**kal Progressioun**" ze verhënneren.

## An d'Säit vum Employeur ?

Fir den Employeur soll sech mat eiser Propos näischt änneren. Wann dee vill niddreg Paien huet, fir déi den Index méi héich wéi déi 2,5% ass, da kritt en iwwer eng **nei Mutuelle** oder eng bestoend (z.B. Mutualité des Employeurs) dës zousätzlech Käschte kompenséiert. Wann e vill héich Paien huet, a manner un Index ausbezuele soll, da gëtt dat "Gespuerten" an d'Mutuelle abezuelt, e Null-Summenspill also.

An dëse schwieregen Zäiten, kënnen e puer Indextranchë séier hannereneen ufalen an esou d'Inflatioun verstäerken. Fir an där Situatioun d'Employeuren ze entlaaschten, kann eise Virschlag duerch eng **staatlech Subventioun** un d'Mutuelle erweidert ginn.

---

**Eis Propos bedeit e Richtungswiessel am Indexsystem a féiert zu méi sozialer Gerechtegkeet a Solidaritéit. Dofir setze mir eis an.**